

LIEWENSLAF LUC FRIEDEN

Gebuer am September 1963 zu Esch-Uelzecht, ass de Luc Frieden fir d'éischt do an d'Primärschoul an an de Jongelycée gaangen. Mat 16 Joer ass hie mat senger Famill an d'Stad Lëtzebuerg geplënnert an huet do am Kolléisch seng Première gemaach. Droit, Politik an international Relatiounen hunn hie schonn deemools begeschtert a sou huet de Luc dunn Droit op den Universitéite vu Paräis-Sorbonne, Cambridge an Harvard studéiert. Vun 1989 un huet hien als Affekot geschafft.

1994, mat 30 Joer, ass hien a fir d'éischt an d'Chamber gewielt ginn a 4 Joer duerno, mat 34 Joer, huet de Jean-Claude Juncker hien zum Justiz- a Budgetsminister ernannt. Vun 1998-2013 war de Luc Frieden a verschiddene CSV-DP an CSV-LSAP Regierungen Justiz-, Arméi-, Police-, Budget- a Finanzminister. Als Justizminister huet hien ënnert anerem de PACS an d'duebel Nationalitéit ageféiert. Als Trésor- a Finanzminister war hien och zoustänneg während 14 Joer fir den erfollegräichen Ausbau vun der Finanzplaz.

No senger Regierungszäit huet de Luc Frieden decidéiert nei Energie an Iddien sammeln ze goen an ass fir d'éischt op London bei eng grouss international Bank schaffe gaangen, éier en 2016 zeréck op Lëtzebuerg kوم fir ënnert anerem President vum Verwaltungsrat vun engem Mediegrupp an duerno President vun enger grousser lëtzebuenger Bank ze ginn. Vun 2019 war hien och Präsident vun der lëtzebuenger Chambre de Commerce wou hie vill mat kleng a mëttel Betriber aus verschiddene Secteuren ze doen hat, an och President vun Eurochambres, dem europäeschen Daachverband vun den Chambres de Commerce et d'Industrie. Hien och erëm donieft als Affekot geschafft.

Seng Passioun fir d'Politik an d'Zukunft vum Land ass ëmmer bliwwen. Duerfir huet de Luc Uganks 2023 jo gesot wéi d'CSV hie gefrot huet Spëtzekandidat bei de Chamberwalen ze gin an huet doropshin decidéiert all seng berufflech Fonktiounen niddersleeë fir sech voll a ganz op des wichteg Aufgaben ze preparéieren.

De Luc Frieden ass bestuet mat enger Juristin déi hien op der Uni kenne geléiert huet an huet zwee erwuesse Kanner. Seng Fräizäit verbréngt de Luc mat gudder Frënn a senger Famill esou wéi mat hiking, Velo a Schi fueren.